PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1331
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.10.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Op der Plattform "Govjobs.lu" ginn Aarbechtsplazen fir den ëffentlechen Déngscht publizéiert, ënnert Anerem déi fir d'„mobilité interne", also wann ee Staatsbedéngschteten sech op eng aner Verwaltung oder Ministère wëll mellen. Fir ee faire Rekrutementsprozess ze garantéieren, deen all Zweiwel vu Favoritismus ausschléisst, ass et wichteg, dass souwuel extern souwéi intern Kandidat:innen hir Chance kréien, fir sech kënnen ze bewerben an ze beweisen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Statistiken, opgeléscht pro Joer zënter 2017, zu der Dauer, wéi laang d'Annoncen op govjobs.lu publizéiert ginn (Duerchschnëtt, Median, Maximum, Minimum)?
   Wéi erkläert sech, dass et ënnerschiddlech Delaië fir de Recrutement interne ginn?

2. Wéi vill Beamten hunn an de leschte 5 Joren, opgeschlësselt pro Joer, vum Recrutement interne Gebrauch gemaach?

3. Wéi vill Persounen, déi iwwert de Recrutement interne de Posten gewiesselt hunn, sinn an de leschte 5 Joren (opgeschlësselt pro Joer) bannent dem nämmlechte Ministère gewiesselt?

4. Wéi vill extern Kandidat:innen goufen an de leschte 5 Joren, opgeschlësselt pro Joer, agestallt?

5. Wéi gëtt de Scoring vun de Kandidaten gemaach, éiert eng Kandidatlëscht bei déi zoustänneg Verwaltung weidergeschéckt gëtt?

6. Op der Plattform govjobs.lu vum CGPO fënnt een aktuell keng Statistiken, wéi zum Beispill zu den uewendriwwer gefrotenen Donnéeën. Wëll d'Regierung esou Statistiken publizéieren a falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten